**Ried vum Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de PSC an de Plan Budgétaire Pluriannuel**

**25. Abrëll 2018**

***Seul le discours prononcé fait foi***

Här President, dir Dammen an dir Hären,

Léif Kollegen,

Ech freeë mech iech haut déi 19t Aktualisatioun vum PSC – dem Programme de Stabilité et de Croissance fir d'Joren 2018 bis 2022 virstellen ze kënnen.

Am Uschloss un dem Premierminister säin Discours iwwert den Etat de la Nation ass et **een idealen Zäitpunkt fir de Bilan ze zéien** vun 4 ½ Joer Finanzpolitik ënnert dëser Regierung, an ze kucken, wéi **d'Weichen fir déi nächst Jore** gestallt sinn.


De Premier huet et gëschter schonn ënnerstrach: d'Regierung huet hier Versprieche gehal. *D'Land ass kärgesond a gutt opgestallt fir d'Zukunft.* **Dat selwecht gëllt och fir d'Staatsfinanzen.** D'Investitiounen leien op Rekordniveau. D'Steierreform - wou haut bewisen ass, dass se finanzéierbar war - suergt fir méi sozial Gerechtegkeet a méi Kafkraft. D'Staats-Schold geet erof par rapport zum PIB. All d'europäesch Kritäre si respektéiert.

D'Zuelen, déi ech iech haut presentéieren, sinn op déi aktuellsten **makroekonomesch Donnéeën vum Statec** baséiert, déi de Statec an aller Onofhängegkeet opgestallt huet, esou wéi dat och an den europäescher Texter virgesinn ass. Wéi ëmmer hu meng Servicer déi Donnéeën sou geholl, wéi se sinn, ouni eppes drun ze änneren.

Well awer keen d'Zukunft kann op de Punkt genee viraussoen, kënnen des Hypothesen iwwert déi nächste Méint a Joren nach ugepasst ginn, sou wéi dat och an der Vergaangenheet ëmmer de Fall war.

## I. Wat soen eis d'Donnéeën vum Statec iwwer d'Konjunktur ?

An engem Wuert: dat wirtschaftlecht Ëmfeld ass gutt. An Europa, an och heiheem.




**An Europa**

2017 hate mer an Europa dee stäerkste Wuesstem säit der Kris, mat 2,4%.

Dëst Joer rechent de Statec mat 2,2%.

Bis 2022 soll de Wuesstem dann weider lues erof, bis op 1,2%.

De Statec geet ausserdem dovunner aus, dass sech d'Boursen wäerte weider positiv entwéckelen, wat fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg natierlech eng gutt Noriicht ass.

**Zu Lëtzebuerg**


Lëtzebuerg profitéiert vun dësem positiven Ëmfeld.

Dëst Joer rechent de Statec mat engem Wuesstum vun 4,6 %.

Iwwer 5 Joer gekuckt ass de Wuesstem zu Lëtzebuerg domatter ronn 20% gewiescht, also duebel sou vill wéi an der Eurozone.

Genee wéi am Rescht vun Europa wäert d'Dynamik vum Wuesstem iwwer déi nächst Joren awer progressiv noloossen, fir 2022 da bei 2,9% ze leien.

Well och an Zukunft all Joer wäerten ronn 3% nei Aarbechtsplaze geschaf ginn, géif de Chômage, deen aktuell bei ronn 5,7% läit bis 2022 weider erofgoen, a Richtung 5,4%.




**D'Inflatioun bleift niddereg** an ënner 2% en Moyenne iwwer déi ganz Period bis 2022.

Wéi mer de Budget 2015 heibannen diskutéiert hunn, sot de Claude Wiseler – an ech zitéieren:

*„Wann ech d'Analys vun der aktueller Situatioun maachen, an dat hu mer scho bei der Presentatioun vum Budget 2014 gesot, dann ass et an eisen Ae ganz kloer, datt déi Viraussetzungen, déi hei un der Basis vum Budget leien, vill ze vill optimistesch sinn. Iwwer 3% gëtt hei agesat vun 2015 bis 2018. Domatter soll et dann opgoen."*


D'Zuele weisen : et ass opgaang. D'Resultater sinn souguer nach besser, wéi dat, wat deemools am Budget virgesi war.

Lëtzebuerg profitéiert awer net alleng vun der Konjunktur a vum gudden internationalen Ëmfeld. Dat erkläert net alles. Wann een d'Analyse mécht, da gesäit een, dass an der d'Moyenne vun de Joren 2015-2017 vun de Verbesserungen vum Solde vun der Administration centrale **nëmmen 1/3 op zousätzlech Recetten** zréckzeféiere sinn, an **2/3 op Aspuerungen**.

Fir ee komplett Bild ze hunn, kann een also net nëmmen d'Konjunktur kucken, mä och d'Mesuren, déi vun dëser Regierung iwwer déi lescht Jore geholl goufen.

## II. D'Mesuren, déi des Legislaturperiod geholl goufen.

Et ass gutt, sech nach emol an Erënnerung ze ruffen, wou mer 2013 stoungen, wéi des Regierung ugetrueden ass :




**a.** Fir 2015 an 2016 war an der Administration centrale een Defizit vun all Kéiers iwwert enger Milliard, oder ronn 2% vum PIB ugepeilt. D'Staatscholden hu riskéiert komplett aus dem Rudder ze lafen.

**b.** Säit 2007 war gewosst, dass Lëtzebuerg vun 2015 un progressiv bis zu enger 1 Milliard d'Joer Recetten aus dem **commerce électronique** verléiere géif, an awer ware keng Mesure geholl ginn.

**c.** Lëtzebuerg hätt 2016 ee Solde structurel vun -1,1% vum PIB ausgewisen, an hätt domatter d'Kritären vum Stabilitéits-Pakt net méi respektéiert. **Den AAA, an domatter d'Kredibilitéit vu Lëtzebuerg op internationalem Niveau, war a Gefor.**

**d.** Zousätzlech ass dobäi komm, dass d'Konsequenzen vum **Enn vum Bankgeheimnis** op eis Finanzplaz, déi ëmmerhin ¼ vun eisem PIB duerstellt, net ofzegesinn waren. Net wéineg Observateure waren der Meenung, dass d'Finanzplaz, an domatter och d'Steierrecetten riskéiert hätten, staark ze schrompen.

**e.** Ausserdem war Lëtzebuerg 2013 op **d'schwarz Lëscht vum Forum Mondial vun der OCDE** gesat ginn. Dat war d'Resultat vun der jorelaange Strategie vu menge Virgänger, fir all Steierniche bis op d'lescht auszereizen, an um Sujet vun der Transparenz ëmmer sou laang wéi méiglech net ze bougéieren.

Et war also noutwenneg ze handelen, an dës Regierung huet dat och gemaach.

**1. Fir d'éischt hu mer Mesure geholl fir den Defizit an de Grëff ze kréien.**

D'Regierung huet mam **Zukunftspak, deen 2015 a Kraaft getrueden ass,** strukturell Reforme gemaach, déi net all populär waren, awer bis haut positiv Auswierkungen op d'Entwécklung vun den Dépensen hunn.

Iwwer de quantifiabelen Effekt eraus stelle mer ee **reelle Mentalitéitswandel** fest beim Ëmgang mat den ëffentleche Gelder, deen hëlleft, dass de Staat haut méi effizient a spuersam mat de Suen ëmgeet, wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war.

Dëst gesäit ee besonnesch gutt um Niveau vun der Consommatioun Intermédiaire, also de **Fonctionnementskäschten**, déi 2017 nach emol 0,1% ënnert deene vun 2016 leien.
A Prozent vum PIB leien d'Fonctionnementskäschte vun eisem Staat **ënnert der Moyenne vun der EU**, a si wäerte bis 2022 nach weider erofgoen, vun 3,7% am Joer 2016 op dann 3,3% vum PIB.

De **Staat spuert also fir d'éischt emol bei sech selwer.** An dat net blann, mä op eng **intelligent Art-a-Weis**.

Et ginn nämlech eng Rei Beräicher wou et au contraire kontraproduktiv wär ze spueren, sou zum Beispill bei de **Ressources humaines**. Well nëmmen ee Staat, dee personell gutt opgestallt ass, kann och senge Missioune gerecht ginn an de Bierger ee gudde Service bidden.

Een anere Beräich, wou d'Regierung des Legislaturperiod d'Dépensen massiv eropgesat huet, ass dee vun den **Investissementer an d'Infrastrukturen**, wou jorelaang net genuch geschitt war.

Wien haut mam Zuch an d'Stad kënnt, am Pafendall de Funiculaire hëlt oder mam Tram iwwert de Kierchbierg fiert, gesäit wéi een Ënnerscheed des Investissementer am Alldag vu ville Leit maachen.

**Mä dat ass eréischt den Ufank**. Den ëffentlechen Transport wäert an den nächste Joren weider massiv ausgebaut ginn, an dat och iwwert eis Grenzen eraus, sou wéi dat zum Beispill am neien Accord mat Frankräich virgesinn ass. Dat sinn alles Initiativen, déi ee scho vill méi fréi hätt kënnen an d 'Weeër leeden, an déi vun dëser Regierung lo endlech konkret ugepaakt goufen.

**2. Mir hunn d'Finanzplaz renouveléiert an nei opgestallt.**

D'Bankgeheimnis, un dat sech déi lescht Regierung nach geklamert huet, war zu engem Handicap ginn, mam Resultat, dass Lëtzebuerg op schwaarze Lëschte gelant ass.

Des Regierung ass konsequent op de Wee vun der Transparenz gaang, an huet et mat vill diplomateschen Efforten a Rekordzäit fäerdeg bruecht, rëm vun deene Lëschten erofzekommen.

Gläichzäiteg hu mer d'Plaz weider diversifizéiert, an nei Beräicher wéi Nohalteg Finanz an Fintech opgebaut, an deene Lëtzebuerg haut weltwäit zu de Leader gehéiert.

De **Brexit weist** : Lëtzebuerg ass haut eng vun deene kompetitiivste Finanzplazen an Europa.

Ech war d'lescht Woch zu New York, mat London déi gréisste Finanzplaz op der Welt. Fir déi grouss amerikanesch Gruppen, déi do hire Siège hunn, ass et kloer, dass wann d'Regierung 2014 net op de Wee vun der Transparenz gaange wär, Lëtzebuerg als Standuert am Kader vum Brexit net méi a Fro komm wär. An dat gëllt net nëmmen fir d'Aktivitéiten um Gebitt vun der Banque privée, fir déi d'Bankgeheimnis zum Businessmodell gehéiert huet.

D'Lëtzebuerger Fongenindustrie schreift iwwer déi lescht Méint regelméisseg nei Rekorder. Iwwer 4,2 Billiounen, also 4200 Milliarden, Euro ginn haut zu Lëtzebuerg geréiert. Domatter ass Lëtzebuerg bei wäiten d'Nummer 1 an Europa, an d'Nummer 2 an der Welt, hannert Amerika.

Och d'Geschäfter um Gebitt vun der Assurance an der Réassurance, genee wéi déi vun de Banken am Beräich vum Wealth Management a vun de Finanzementer entwéckelen sech gutt.

D'Bourse vu Lëtzebuerg, bei där de Staat Aktionär ass, ass weltwäit eng Referenz fir Obligatiounen, op Englesch och "Bonds" genannt, an si huet sech erfollegräich als Leader bei de sougenannte "Green Bonds" etabléiert. 50% vun alle Green Bonds weltwäit ginn haut zu Lëtzebuerg kotéiert. D'Bourse dréit sou mat dozou bäi, Lëtzebuerg als europäeschen Hub fir déi Gréng an Nohalteg Finanz auszebauen. Laut dem Global Green Finance Index ass Lëtzebuerg haut schon d'Nummer 2 op der Welt op deem Gebitt, hanner London.


D'Finanzplaz ass haut eng aner wéi déi vu viru 5 Joer.
Si ass ee Moteur vum nohaltege Wuesstum.
An een zouverlässegen Steierzueler.

D'Regierung huet nieft der Finanzplaz awer och an **eng ganz Rei aner innovativ Secteuren** investéiert. Eng gutt Illustratioun sinn hei d'Efforten um Gebitt vum Spacemining.

**3. Mir hunn de budgétaire Spillraum genotzt, fir eng sozial gerecht Steierreform ze maachen an den Invest gezielt eropzesetzen**

Des Steierreform huet d'Kafkraft gestäerkt, grad vun de Mëttelschichten an de Leit mat engem méi klengen Akommes. Si kuerbelt d'Demande weider un, an dréit sou hiren Deel zur gudder Konjunktur bei. Si huet och d'Steierlaascht vun den Entreprisen erofgesat, an hinne sou gehollef fir méi kompetitiv ze ginn.


Am Laf vun dëser Legislaturperiod huet d'Regierung d'ëffentlech **Investissementer vun 3,5% vum PIB am Joer 2013 op 4% am Joer 2017 eropgesat**. Och déi nächste Joren wäerten d'Investissementer weider op engem Niveau vun ronderëm 4% bleiwen, signifikativ iwwert deem vun 2013. An absoluten Zuelen ginn se vun 2,4 Milliarden dëst Joer op 2,75 Milliarden 2022 erop.




Lëtzebuerg huet sech mat där Politik genee un d'Recommandatiounen vun der Europäescher Kommissioun a vum FMI gehal, déi d'Länner an de leschte Joren opgefuerdert hunn, hire budgétaire Spillraum ze notzen, fir d'Croissance mat Investissementer a Steierbaissen ze ënnerstëtzen.

Déi eenzeg, déi dat net richteg fonnt hunn, war d'Oppositioun heiheem, déi säit Joren soss näischt anescht mécht, wéi Schwarzmolerei.

**4. Wat ass d'Resultat vun deene Mesuren, combinéiert mat der gudder Konjunktur ?**





D'Resultater kënne sech weise loossen :

- fir 2014 war am leschten PSC ënnert der viregter Regierung een Defizit an der Administration publique, dem Gesamtstaat, vun **-270 Mio ugepeilt**; mir konnten dorauser een Iwwerschoss vun **663 Mio** maachen;
- fir 2015 war een Defizit vun **654 Mio** ugepeilt; mir konnten dorauser een Iwwerschoss vun **710 Mio** vum PIB maachen;
- fir 2016 war een Defizit vun **684 Mio** ugepeilt; mir konnten dorauser een Iwwerschoss vun **856 Mio** maachen;

- **2017 läit deen Iwwerschoss da bei +858 Mio.** Dat ass ronn dat Duebelt vun 2013 (+454 Mio) !

- Dës Verbesserung vum Resultat bei der Administration Publique ass virun allem op d'Resultater um Niveau vun der Administration Centrale zréckzeféieren, déi d'ganz Legislaturperiod iwwer besser waren, wéi virgesinn. 2014, 2015 an 2016 louche mer ëmmer no um Equiliber.




2017 louch den Defizit an der Administration Centrale bei just 220 Mio EUR, also 819 Mio manner wéi am Budget virgesinn.

An dat :

- trotz de Changementer bei der TVA um Commerce électronique, wou eis zejoert nëmmen nach 88 Milliounen EUR bloufen, wat eng Perte vun 1Mia d'Joer ausmécht par rapport zu 2014;

- trotz iwwer 2 Milliarden Investissementer;
- trotz der Revisioun no ënne vun den Estimatiounen iwwert de Wuesstem 2017, wouvunner de Statec momentan ausgeet [*trotzdem louche mer bei de Recetten vum IRC 312 Mio iwwert dem Budget*];
- trotz der Reform vum Chèque service accueil an der Reform vum Congé parental;
- trotz enger Augmentatioun vun 8,4% bei de Personalkäschte vum Staat, virun allem duerch déi vill Neiastellungen (besonnesch am Enseignement, bei der Police a bei de Steieradministratiounen), déi néideg waren, iwwert déi lescht Jore gemaach goufen, an och nach fir déi nächste Jore virgesi sinn;
- trotz der Steierreform. Eng Steierreform déi mer eis leeschte konnten, wéi d'Zuelen haut weisen, a wou d'Oppositioun dogéingt gestëmmt huet.

**Wéi erklärt sech also déi spektakulär Verbesserung vun 819 Milliounen?**

Zwee Facteuren :

1- **D'Dépensen sinn am Grëff**. D'Fonctionnementskäschte vum Staat ginn weider erof (si leien 2,8% ënnert dem Montant, deem am Budget virgesi war), an um Niveau vun den Investissementer konnt net alles, wat virgesi war, och verschafft ginn (13,2% manner Investissementer manner wéi virgesinn).

2- **D'Recetten wuessen** an deem gudde wiertschaftlechen Emfeld méi séier wéi virgesinn, trotz Steierreform. D'Resultat vun 2017 kënnt esou ganz no un dat vun 2016 erun, wat och scho besser war wéi virgesinn.

Déi positiv Entwécklung, déi ech hei beschriwwen hunn, bréngt mat sech :

- dass de Solde structurel 2017 bei +2,2%vum PIB, also largement iwwert dem OMT vun -0,5% vum PIB läit;
- an dass d'Dette bei nach just 23% vum PIB läit, -0,7 Prozentpunkten ënnert dem Wäert vun 2013 !

Ech wäert herno nach méi am Detail op des Punkten zréckkommen.

Déi gutt Resultater vun de leschte Joren schafen **e positiven “Effet de base” fir 2018 an d’Joeren duerno**.

Den Defizit am Zentralstaat läit 2018 deemno nach just bei -587 Mio oder -1% vum PIB, géingt -890 oder -1,5% vum PIB, déi am Budget virgesi waren. Den Iwwerschoss um Niveau vun der Administration publique verbessert sech domatter op 647 Mio oder 1,1% vum PIB !


Déi aktuell Zuele weisen, dass d‘Joer 2018 och gutt ugefaangen huet, a wann et sech weider sou entwéckelt wéi am 1ten Trimester, dann kann sech dee Solde souguer nach weider verbesseren.

## III. Wat sinn d'Perspektiven fir déi nächste Joren ?

Well iwwer déi leschte Joren d'Weiche richteg gestallt goufen, souwuel international wéi och heiheem, sinn d'Perspektiven haut gutt, an dat trotz de Risiken, déi een natierlech net ignoréieren däerf.

Iwwer déi leschte Méint a Wochen hunn **alleguer déi grouss Ratingagencen** eisem Land den AAA mat stabiler Perspektive confirméiert, déi héchsten Note. Dat ass keng Selbstverständlechkeet. An de Krisejoren war Lëtzebuerg um Wee, den AAA ze verléieren.

Am Januar vun dësem Joer huet den **Indicateur de Confiance vun de Consommateuren** hei am Land, dee vun eiser Zentralbank publizéiert gëtt, een historeschen Héchststand erreecht.





Sou entsteet een **Cercle vertueux,** well d'Entreprisen méi investéieren, wann se wëssen, dass d'Staatsfinanzen zolitt sinn, an dass d'Consommateuren och rëm éischter bereet sinn, hir Produiten a Servicer ze kafen.

D'Resultat vun dëser Dynamik gesäit een och um Niveau vun den direkten **Steier-Recette vum Staat**, déi kontinuéierlech eropginn.

Wat **d'Dépensen** ugeet, sou bleiwen déi, och dank dem Zukunftspak, weider am Grëff, a wäerten iwwer d'Period bis 2022 an der Moyenne manner séier wuessen wéi d'Recetten.

Anescht wéi hir Virgängerin huet dës Regierung et fäerdeg bruecht, iwwer déi ganz Legislaturperiod säit 2013 bei **der Administration Publique een Iwwerschoss** ze produzéieren. Dësen Iwwerschoss huet sech **am Verglach mat 2013 verduebelt** a wäert vun 2020 un souguer iwwer 1 Milliard leien.




**Wéi gesäit dat am Detail aus ?**

Laut der europäescher Norm vum SEC 2010 setzen sech d'Staatsfinanzen – d'Finanze vun der Administration publique - aus 3 Beräicher zesummen:


der Sécurité Sociale, der Administration Locale an der Administration Centrale.

a. Sécurité sociale

**Um Niveau vun der Sécurité sociale** konnte mer iwwer déi ganz Legislaturperiod zolitt Iwwerschëss verzeechnen, dank dem Wirtschaftswuesstem vun de leschte Joren an der dynamescher Entwécklung um Aarbechtsmaart. Dëst Joer wäert den Iwwerschoss **fir d'éischt Kéier an der Geschicht iwwert eng Milliard** leien. Dee positiven Trend hält weider un, sou dass den Iwwerschoss 2022 bei 1,25 Milliarde leie wäert.



D'Iwwerschëss vun der Sécurité sociale fléissen an de Fonds de Compensation, deem seng Avoiren op den 31. Dezember 2017 schonn 18,1 Mia oder 32,7% vum PIB ausgemaach hunn, a weider wuessen.




An deem Kontext geet de PSC dëst Joer speziell op de Sujet vun de Pensiounen an, **fir der Opreegung** vun Eenzelnen heibannen **objektiv Zuelen entgéingt ze setzen**.

Wat sinn d'Constaten ?

Wann een dovunner ausgeet, dass an Zukunft zu Lëtzebuerg manner demographesche Wuesstem a manner nei Aarbechtsplazen solle geschaf ginn, ginn d'Gesondheets- d'Sozial- an d'Pensiouns-Käschten, déi sougenannten "frais liées au vieillissement" progressiv erop. Mat Referenz op d'Joer 2060 géifen alleng d'Pensiounskäschten op 16% vum PIB eropgoen.


D'Regierung huet awer schonn elo eng Rei Mesure geholl, fir dat ofzefiederen, an déi iwwert déi nächste Joren hir Wierkung entfale wäerten :

- deen neien **Dispositif géint d'Laangzäitarbechtslosegkeet**, dee säit Juli 2017 en vigueur ass, an hëlleft, d'Leit rëm zréck an d'Aarbechtswelt ze bréngen;
- d'**Reform vum Reclassement professionnel**, deen 2016 a Kraft getruedene ass, an bis Januar 2018 schon zu enger Baisse vu 15% vun der Zuel vun den Demandeuren am Reclassement interne gefouert huet;
- d'**Reform vun der Préretraite**, déi den 11. Dezember 2017 a Kraft getrueden ass, an dee System vun der Préretraite-solidarité, deen net méi zäitgeméiss war, endlech ofgeschaf huet;
- d'**Reform vun der Assurance Dépendance**, déi dëst Joer a Kraft getrueden ass.

Dofir gëtt et keng Urgence, elo Hals iwwer Kapp wëllen Mesuren ze huelen, a scho guer net Pensiounskierzungen an d'A ze faassen.


b. Administration locale

**Bei der Administration locale** – de Gemengefinanzen - läit den Iwwerschoss iwwer déi ganz Period tëscht 2018 an 2022 konstant tëscht 200 an 300 Milliounen. Hei gesäit een den Impakt vun der Reform vun de Gemengefinanzen, déi des Regierung an d'Wee geleet huet.



c. Administration centrale

Ech kommen dann elo zur **Administration centrale**, dem Zentralstaat.




Och hei stellt een iwwer déi nächst Joren eng progressiv Verbesserung vun den Zuele fest.

Wann déi positiv Entwécklung, déi mer dat éischt Trimester vun dësem Joer konnte feststellen, weider sou unhält, kann een dovunner ausgoen, de positive Solde, dee momentan fir 2021 ugepeilt ass, souguer méi fréi erreecht kéint ginn.

Lo kann een natierlech froen, firwat d'Regierung net probéiert huet, fir den Equiliber bei der Administration centrale schon am Laf vun däser Legislaturperiod ze erreechen. D 'Äntwert ass einfach**: well dës Regierung keng kuerzfristeg Politik fir déi nächst Walen, mä eng laangfristeg ausgeriichte Politik mat Bléck op déi nächst Generatioune** mécht.

Ech kann nëmme widderhuelen, wat ech all Joer bei der Presentatioun vum Budget erkläert hunn. Et war richteg, vun deenen historesch nidderegen Zënsen ze profitéieren, fir laangfristeg Investissementer ze finanzéieren. An deem schwieregen Ëmfeld vun de leschte Joren wäer et net sënnvoll gewiescht, d'Investissementer erofzesetzen, déi mer dréngend brauchen, fir d'Infrastrukture vum Land, grad am Transportberäich, op den Niveau ze bréngen; bei der Educatioun an domatter bei der Zukunft vun de Kanner ze spueren; de Leit net méi Kafkraaft ze ginn; oder soss Mesuren ze huelen, déi riskéiert hätten, de konjunkturellen Opschwong, dee mer gesinn hunn, erëm ofzewiergen.

Dat ass **keen theoretesche Risiko**. De Fait, dass de Statec d'Wuesstumszuelen fir 2017 no enne revidéiert huet, weist, dass d'Steierreform zum richtege Moment komm ass, fir erëm Pepp an eis Wirtschaft ze bréngen.


Dat gëllt besonnesch virum Hannergrond vun den Ongewëssheeten, déi eis elo schonn eng Rei Jore begleeden, an déi ech als Finanzminister net ignoréiere kann.

**Wat sinn déi Risiken, a wéi reagéiert d'Regierung drop ?**

- **Geopolitesch Risiken** mat der Situatioun an Nordkorea an dem Krich a Syrien.
- **Wirtschaftlech Risiken**, am Hibléck op den USA **hier Steierpolitik** an de Protektionnismus, deen erëm opkeimt. Ech war d'lescht Woch zu Washington op der Fréijorssessioun vum Fonds Monétaire International, an ech kann iech soen, dat ass dat do ee vun deene Sujeten ass, dee ville Länner grouss Suerge mécht.
- Een anere Sujet ass d'Politik vun den Zentralbanken an den **Niveau vun den Zënsen**, déi an den USA méi schnell kéinten unzéien wéi et am Moment erwaart gëtt.
- Dat alles bréngt eng méi grouss **Volatilitéit op de Finanzmarchéen**, wéi een dat jo schonn déi lescht Méint gesinn huet, a wat direkt Implikatiounen fir Lëtzebuerg huet, besonnesch am Bezuch op d'Entwécklung vun de Recetten vun der Taxe d'abonnement.

<u>Aus dësem Grond</u> hu meng Servicer am PSC eng "**Analyse de sensibilité"** gemaach, an där notamment gekuckt gëtt, wéi eng Auswierkungen et op d'Staatsfinanzen hätt, wann d'Zënsen vum nächste Joer un géife méi séier eropgoen, wéi dat haut ofzegesinn ass, oder wann **d'Croissance an der Eurozone em 0,5 Prozentpunkten pro Joer abrieche géif.**


Choc négatif croissance zone euro - évolution de la dette publique (en % du PIB)




*Source : Ministère des Finances, STATEC*

**Et ass berouegend**, dass d'Resultat erginn huet, dass sou een "negative Schock" eis Staatsfinanzen net géif aus der Bunn geheien. An dat dank dem Spillraum, dee mer eis iwwert déi lescht Joren erschafft hunn. D'Dette géif an dësem Fall tëscht 2018 an 2022 nämlech op 23,6% vum PIB wuessen, wat ongeféier den Niveau vun 2013 ass.

Et ass schwéier genuch, Hypothesen opzestellen, déi sech op déi nächst puer Joer bezéien. Wéi genee dat ekonomescht Ëmfeld an 30, 40 Joer wäert ausgesinn, kann haut kee soen. Mä et kann ee sech awer virbereeden. Des Regierung huet dofir de **Fonds Souverain Intergénérationnel** geschaf huet, eng Spuerbéchs fir déi nächst Generatioun.



De Fong **entwéckelt sech gutt**, an huet zu dësem Zäitpunkt schonn Avoiren vu ronn 240 Milliounen Euro. Dat ass net näischt, mä <u>nach laang net genuch</u>. Et ass awer een Ufank. Et wär sënnvoll, wann déi finanziell Situatioun vum Staat et zouléisst, d'Dotatioun vun dësem Fong iwwer déi nächst Joren entspriechend eropzesetzen.

Mir hunn also Sputt. **Fir deen och an Zukunft ze halen musse mer awer, sou wéi schon déi leschte Joren, weider virsiichteg bleiwen, a Fouss beim Mol halen wat d'Executioun vum aktuellen, an d'Opstelle vum nächste Budget ugeet.**

## IV. E puer Wuert iwwer d'Staatsschold

D'Staatsschold – oder méi präzis: d'Dette vun der Administration publique -, dat sinn net nëmmen d'Emprunten vum Staat selwer, mä och d'Dette vun den Etablissements publics an eng Rei Garantien, déi de Staat ginn huet.


Wéi ech Enn 2013 als Finanzminister ugetruede sinn, louch d'Dette vun der Administration Publique bei 23,7% vum PIB. Am PSC 2013 war virgesinn, dass d'Dette 2016 bei 27,9% leie géif. Dat war d'Perspektiv, déi eis déi lescht Regierung iwwerlooss hat.

**Wat huet des Regierung dorauser gemaach ?**

D'Dette läit haut bei 23% vum PIB.
2022 wäert se mat 18,8% souguer, fir d'éischte Kéier säit 2011, ënnert 20% vum PIB leien.
Dat ass :

- wäit ënnert dem Wäert vun 2013;
- wäit ënnert der Limit vun 30%, déi d'Regierung sech selwer gesat huet;
- ganz wäit ënnert der Limit vun 60%, déi d'europäesch Regele virgesinn.

Evolution de la dette publique
(2005-2022)




15

*Source : Ministère des Finances, STATEC*


D'Schold stellt vun der Valeur hir **den Equivalent** duer **vun nach net mol der Halschent vun den Avoiren, déi dem Staat gehéieren**, an déi ca. 53% vum PIB ausmaachen.

Entspriechend grouss ass de Spillraum, wann eng nei Kris géif op eis duerkommen.

D'Schold wäert sech **och an absoluten Zuelen**, tëscht 2018 an 2022 stabiliséieren, ronderëm 13,5 Mia EUR, an souguer liicht erofgoen. De PSC vum leschte Joer war nach vun 15,8 Mia ausgaang.

Dozou muss ee soen, dass de PSC **ëmmer nëmmen eng mechanesch Héichrechnung** vun der Dette weist, op Basis vun den Defiziter, déi fir déi nächst Joren erwaart gëtt. Wann d'Zuele sech, wéi an der Vergaangenheet, och an Zukunft besser entwéckelen wéi erwaart, wäert och d'Dette entspriechend erofgoen.

Ech well an deem Kontext nach emol drun erënneren, dass vun deenen aktuell 12,7 Milliarden mir der **11 vun der leschter Regierung geierft** hunn.





Des Regierung huet **weder 2014, nach 2015, nach 2016 een neien Emprunt** opgeholl, ofgesinn vum Sukuk, dee gemaach gouf, fir zur Diversifikatioun vun der Finanzplaz bäizedroen. Den eenzege klasseschen Emprunt, dee Lëtzebuerg des Legislaturperiod opgeholl huet, war Ufank 2017. Mat 0,625% huet deen zudeem de niddregsten Zënssaz vun alle klasseschen Empruntен, déi momentan lafen.

Fir komplett ze sinn, muss een awer och drop hiweisen, dass **an Zukunft eng Rei existent Krediter auslafen**, an musse refinanzéiert ginn.


Ënnert dem Stréch goufe vun deene ronn 10 Milliarden, déi d'Administration centrale tëscht 2014 an 2018 investéiert wäert huet, **nëmmen 1/5 duerch Emprunten finanzéiert, an 4/5 duerch lafend Recetten**. Dat ass ee Rapport, fir dee vill Länner eis beneiden.

Dat selwecht gëllt fir **d'Zënslaascht**, déi bei just 200 Mio d'Joer oder 0,3% vum PIB läit – dat ass 6x méi niddereg wéi d'Moyenne vun der Eurozone !

Den **europäesche Verglach** schwätzt Bänner.



Dette publique en comparaison européenne
(en % du PIB)




18

*Source : Eurostat*

## V. Déi europäesch Kritären

De PSC, de *programme de stabilité et de croissance*, deen ech amgaang sinn iech ze presentéieren, schreift sech an den Kontext vum "Semestre européen" an. Et geet drëm ze kucken, op a wéi d'Länner vun der Eurozone mat hirer Budgetspolitik déi europäesch Regele respektéieren, déi opgestallt gi waren, fir eng nächst Krise ze verhënneren.

Säit 2016 ginn och d'Forces Vives un dësem Prozess bedeelegt, iwwert de Wee vun enger grousser Concertatioun am Kader vum Conseil Economique et Social.

Wéi am Regierungsprogramm virgesinn huet d'Regierung d'lescht Joer ausserdem de Comité de Prévision duerch de **Comité économique et financier national** ersat, fir d'Arbechten tëscht de relevante Ministèren an dem Statec nach besser ze coordinéieren.

Am Oktober 2017 hunn ech ausserdem eng Conventioun mam Conseil national des Finances publiques ënnerschriwwen, fir him ee besseren Accès op d 'Donnéeën an domatter méi präzis Analysen ze erlaben.

Ech mengen et ass wichteg, hei ze ënnersträichen, dass de Pacte, deen d'Länner aus der Eurozone sech verflicht hunn anzehalen "Pacte de stabilité **et de croissance**" heescht. Dass **de Wuesstem also een integralen Deel vun der Strategie ass**, fir déi nächst Kris ze verhënneren, oder, anescht ausgedréckt, d'Länner erkannt hunn, **dass ouni Investissementer an ouni Wuesstem de Wee an d'Kris féiert**. Dat ass och déi Positioun, déi ech als lëtzebuerger Finanzminister ëmmer zu Bréissel verteidegt hunn.


Just heiheem schéngen eenzelner dës ekonomesch Evidenz wëllen a Fro ze stellen.

Ech fir mäin Deel si frou, dass Lëtzebuerg Wuesstem huet an domatter och gesond Staatsfinanzen an sou zu deene Länner gehéiert, déi och weider **all déi europäesch Kritären respektéieren**.

Een vun den Haaptkritären fir dat ze moossen ass de Respekt vum OMT – dem Objectif à Moyen Terme um Niveau vum Solde structurel.

Den OMT gouf 2017 vun der Regierung op Virschlag vun der Kommissioun -0,5% vum PIB fixéiert, wat bei der Oppositioun heibannen fir vill Opreegung gesuergt huet.

**Eng absolut onnéideg Opreegung, well wat weisen d'Zuelen :**




De Solde structurel vu Lëtzebuerg louch 2017 bei +2,2% PIB, also **largement iwwert dem OMT**.

2018 wäert en bei 1,2% leien, a bis 2022 souguer op 2,4% eropgoen.

Dat heescht net nëmmen, dass en **d'ganz Period iwwer am positive Beräich** leie wäert, mä och, dass dat largement Spillraum léisst.

Mir hunn also Marge. Dofir gëtt et och keng Urgence fir iwwerstierzt ze handelen, wat d'Pensiounen ugeet.

Eis Staatsfinanzen stinn par rapport zu den europäesche Kriterien an all Fall gutt do.

Ech freeë mech iwweregens, dass d'Aarbechten ugefaang hunn fir d'Comptabilitéit vum Staat an d'Presentatioun vun den Zuelen no den europäeschen Normen méi no uneneen erunzeféieren, am Sënn vun enger méi grousser Transparenz. Am Mäerz gouf et een éischten Echange de vue mat der Chamber, a meng Leit schaffen intensiv um Dossier.


## VI. Conclusioun

Zuele léien net, an déi Zuelen, déi ech iech hei virgestallt hunn, schwätze fir sech.

D'Schwarzmoler hunn onrecht behal.

Der Regierung ass et iwwer des Legislaturperiod gelongen, d'Staatsfinanzen nohalteg ze sanéieren, an erëm op zolitt Féiss ze stellen.

D'Konjunktur huet gehollef, mä ass nach laang net déi eenzeg Erklärung. Au contraire. D'Croissance louch dës Legislaturperiod en fait **ënnert der historescher Moyenne vu virun der Krise**.




Während meng Virgänger virun der Kris, tëscht 1996-2007, an der Moyenne op 4,8% Wuesstem ziele konnten, mat engem Maximum vun 8,5% an de Joren 1999 an 2007, huet des Regierung an der Moyenne mat 3,6% missen eens ginn.

Dat selwecht gëllt fir d'Entwécklung um Aarbechtsmaart. Während virun der Kris an der Moyenne 3,7% nei Aarbechtsplazen geschaf goufen – 2001 souguer 5,7% an 2008 4,8% - louch d'Croissance beim Emploi vun 2014 un an der Moyenne nach just bei 3%.

Och fir déi nächst Joren bleiwen **d'Perspektiven ënnert deene vun de gëllene Joren** vun virun der Kris.

Wann Lëtzebuerg nawell **all europäesch Kriterien erfëllt**, a souguer nach iwwertrefft, dann ass et dofir eben och, well des Regierung déi richteg Mesure geholl huet, a mer eis progressiv a Richtung qualitative Wuesstem orientéieren.

D'EU Kommissioun, genee wéi den FMI, d'OCDE an sämtlech Rating Agence hunn dat unerkannt.

Wa mer haut erëm gesond Staatsfinanzen hunn, da kennt dat nët op eemol wéi duerch ee Wonner. Et ass vill méi d'Resultat vun enger Entwécklung, déi des Legislatur-Period op de Wee bruecht gouf, an déi sech positiv op déi nächst Joren auswierkt.

Des Regierung mécht **eng responsabel a laangfristeg ausgeriichte Budgetspolitik**, där hiert Ziel et ass, d'Land optimal op d'Erausfuederungen virzebereeden, déi virun eis leien.

Dofir bleiwen d'Investissementer och iwwer déi nächst Joren op Rekordniveau an dofir hu mer eng Steierreform gemaach, déi de Leit Kafkraaft erëmgëtt, an d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft verbessert. Eng Steierreform, déi mer eis leeschte kënnen, sou wéi d'Zuelen dat haut kloer weisen.

Dat internationaalt Ëmfeld bleift schwiereg, mä mir hunn den néidege Spillraum fir och eng eventuell Kris ze meeschteren, ouni aus der Bunn ze geroden.

Lëtzebuerg huet also all Grond optimistesch no vir ze kucken.

Wéi och ëmmer déi nächst Regierung wäert ausgesinn, ech hunn ee rouegt Gewëssen: Si wäert eng finanziell Situatioun virfannen, **déi besser ass, wéi déi, déi dës Regierung geierft hat**.

Ech soen Iech merci.